



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2021

REÇU
Par Alff Christian , 16:41, 22/02/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesait, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weider ze leeden.

An der éischter Impfphas gëtt/gouf d'Personal aus dem Gesondheetssecteur oder déi, déi a Spideeler oder Altersheemer schaffen ewéi och Persounen déi an Altersheemer liewe, prioritär geimpft. Dái 2. Phas vun der Impfcampagne soll dës Woch zu Lëtzebuerg ulafen. An dëser 2. Phas gi Leit iwver 75 Joer geimpft, a Persounen déi als héich vulnerabel gëllen, dorënner Kriibskranker. Wéi d'Santé matgedeelt hat goufen déi éischt Invitatiounen u Leit iwver 75 Joer Enn der leschter Woch erausgeschéckt.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Fro un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Persounen à ce stade an de Spideeler, Alters- a Fleegeheemer (Resident'en an och Employé'en) ewéi och an de Reseau'en geimpft sinn ?
- Ass de ganzen Fleegesecteur (d'Doktors- an d'Kinéscabinet'en inclus) elo duerchgeimpft ginn ?

Här President, ech bidden lech main déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'et Spautz'.

Marc Spautz
Députéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

REÇU
Par Aiff Christian, 16:50, 23/03/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 23 mars 2021

Réf. : 837x6314e

Concerne: Question parlementaire n° 3693 du 22 février 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de la soussignée à la question parlementaire n° 3693 du 22 février 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz concernant la « campagne de vaccination ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Laurent Jomé
Premier conseiller de gouvernement





Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, à la question parlementaire n° 3693 du 22 février 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz concernant la « campagne de vaccination ».

- *Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Persounen à ce stade an de Spideeler, Alters- a Fleegeheimer (Resident'en an och Employé'en) ewéi och an de Reseau'en geimpft sinn ?*

Um Niveau vum Personal sinn an de Spideeler, Alters- a Fleegeheimer op den 22. Mäerz ronn 14.500 Leit geimpft ginn (1. Dosis). Et si ronn 6.200 Bewunner aus Alters- a Fleegeheimer, respektiv an de Strukturen wou Leit mat engem Handicap wunne geimpft ginn.

- *Ass de ganzen Fleegesecteur (d'Doktors- an d'Kinéscabinet'en inclus) elo duerchgeimpft ginn ?*

D'Leit sinn invitéiert ginn. Et ass natierlech jidder eenzelnem iwwerlooss ob e sech impfe léisst.